



selwer wéini datt Der fortgitt a wéini datt Der net fortgitt. Mä dat ass natierlech awer komplizéiert.

Wat mer och festgestallt hunn, ass, datt et net brauch ze vill grouss ze sinn. Servior huet zu Élwen Appartementer mat dräi Schlofzëmmeren, dat sinn déi, déi am allermannsten ze verloune sinn, well dat fir d'Leit ewell erëm ze grouss ass. Wa mir natierlech mengen, wa mir eng Kéier géife goen, da bräichte mir nach esou vill Plaz fir dëst a fir dat - wann et bis driwwer hiergeet, da brauch een net méi esou vill.

Duerfir, mengen ech och, ass dat eppes, wat ee muss mat a Considération zéien, fir och ze wëssen, wéi deier datt et selbstverständlech gëtt. Well alles dat, wat jo méi ugebuede gëtt, ob dat an engem Basisangebot ass vun Déngschtleschtungen, déi do sinn, oder ob dat an de Meter-carréen ass, do ass et jo kloer, datt dat da sougutt bei der Vente wéi bei der Location dann awer eng Roll matspillt. Duerfir mengen ech, datt ee muss kucken, datt een do e Wee fënnt tëschent deenen zwee.

Dat, wat mir feststellen, ass och, datt d'Leit ëmmer méi spéit an ëmmer manner laang sougutt an de Centres intégrés wéi an de Maisons de soins sinn. Déi lescht Mëttelechnungen, wann Der wëllt, déi mer esou kritt hunn, soen, datt mëttlerweil d'Leit nach tëschent sechs Méint an engem Joer do sinn. Et ass also haut net méi, datt ee kee Mënsch méi, esou wéi dat nach virun zéng, fofzéng Joer de Fall wor, d'Leit net géif an d'Haiser erakréien, mä et mierkt een, datt se ganz spéit kommen, ganz schwéier fleegebedierfteg sinn, wa se kommen, an dann natierlech och net méi ganz laang do sinn.

Duerfir mengen ech, muss ee wierklech - an do hutt Der Recht, fir ze soen, et dierf een net nach ëmmer esou viruplängen, wéi mer dat vläicht bis virun elo etlech Joer gemaach hunn -, mä et muss ee wierklech och soen, et muss ee probéieren, aner Formen ze fannen, ouni datt een awer och do ze vill beienee mécht, well een och muss kucken, ob dat effektiv dat ass, wat de Leit entsprécht.

Well ech mengen och, datt dat, wat net gutt ass, an dat hu mer an der Vergaangenheet erlieft, wéi d'Centres intégrés nëmmen d'Leit geholl hunn, soulaang wéi se nach selwer valid woren, a se dann erëm musste fortgoen, wa se fleegebedierfteg goufen, datt dat natierlech och fir d'Familljen a fir deen, dee betraff ass, awer och ëmmer en ellene Moment ass: Wann s de eng Kéier doheem eraus woors an nach eng Kéier hues missen doheem eraus aus deem, wou s de da woors. Sou datt een net ze vill dacks do muss awer och wiesselen, well dat natierlech awer och enorm negativ Auswierkungen op déi betraffe Persoun huet.

Do denken ech, datt et wichteg ass, datt een zwar Méiglechkeete fënnt, fir d'Leit kënne sou wäit wéi et geet doheemzehalen. Ech perséinlech géif mer et jo wënschen, datt mer et géife fäerdeg kréien - méi och wéi zum Beispill, Dir hat elo vill haut de Mëtteg hei vu Belval geschwat -, ob een et do géif fäerdeg kréien zum Beispill, och wierklech esou e Projet ze maachen, wou eben och eeler Leit mat jonke Leit zesummen do wieren, wou ee géif kucken, datt déi Logementer accessibel sinn. Dat huet jo dann net onbedéngt eppes ze di mat deem, wat als Fleg drän ass, mä datt ee wierklech se emol weinstens accessibel géif maachen.

Duerfir ass dat hei vläicht eng gutt Geleeënheet, fir och ze soen: Passt och op, jiddwereen, deen iergendwou eppes esou kafe geet, datt et da wierklech och de Konditionen entsprécht. Well heiansdo kritt ee jo eppes verkaf, an dann heescht et, dat do ass alles altengerecht an dat ass mat Servicer, déi Der dobäi ugebuede kritt. A wann een da freet: „Wat sinn dann déi Servicer, déi Der dobäi ugebuede kritt?“ Ma et ass eng Infirmière, déi dāerf fir näischt hei dra wunnen an domadder soll déi da kucken. D'Infirmière schafft niewebäi am Spidol, ass weinstens emol aacht Stonnen am Dag net do, déi Persoun huet jo Congé zegutt: Sou datt dat eppes ass, wat iwwerhaupt keen Angebot ass!

An dat anert, wou Dir och zu Recht - ech muss dat och nach soen, soss hunn ech et vergiess -, dat, wat Der och zu Recht gesot hutt, dat ass, datt et och wichteg ass ze kucken, datt een och hannendru Servicer huet oder Haiser huet, mat deenen een en Ofkommen huet.

Eent vun deenen éischten Haiser, wat jo esou gebaut gouf, wor zu Bartreng, vun der Gemeng Bartreng, an dann doniewent wor d'Fleegeheim. Mä deen, deen an dem Altersheim wor vun der Gemeng, wousst net, wien op där anerer Säit wier, an déi Haiser an déi Leit, déi sech dorëm gekëmmert hunn, och net. Dat huet natierlech dann dozou gefouert, datt déi, déi am Altersheim woren, sech zouginn hunn: „Ma wa mir eng Kéier eppes geschitt, da plënnen ech eriwier.“ Mä déi doiwier woussten awer net, wien op där anerer Plaz wier!

Duerfir mengen ech, ass et och wichteg, datt ee kuckt, datt déi Relaisen do entstinn a gefördergt ginn tëschent deenen, déi an Altersheimer sinn, wat haut méi einfach ass, well jo awer ganz dacks nawell d'Servicer bei d'Leit heemginn, déi sech ëm se do këmmere, datt déi och kënne kucken a kënne soen: „Ma, et wier vläicht awer gutt, wann Der géift kucken, datt Der lech elo géif umellen, oder mir mellen lech un, fir datt Der dann awer och an dat Haus kommt, wou Der wëllt kommen, an ouni mussen ze vill wäit ewech ze goen.“

Här President, den Här Bauler wollt awer eppes soen. Ech weess net, ob...

► **M. le Président.** - Jo, mä Här Bauler, Dir hutt jo duerno d'Méiglechkeet, eng Zousazfro ze stellen. Loosst awer vläicht elo d'Madame Ministesch fäerdeg schwätzen. An duerno kënnt Der nach Är Zousazfro stellen.

(Brouhaha)

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Okay. Ech mengen, datt et wierklech eppes ass, wéi gesot, wou ech verstinn, datt mer solle kucken, fir virun doranner ze denken, virun doranner ze schaffen, ouni awer ze vill och alles ze reglementéieren.

Ech si jo e bëssen erstaunt, datt Der sot, mir musse méi Gesetzer doriwwer elo maachen a mir musse méi dëst an dat festschreiwen. Dat ass eppes, wann een et festschreift, dann ass et natierlech kloer, datt ee sech och muss drun halen. Dat hëlleft natierlech enger ganzer Partie vu Saachen. Wéi gesot, nach eng Kéier, et gëtt een Agrément fir dat, wat d'Accessibilitéit ubelaangt. Et gëtt een Agrément, wat ee muss hunn, wann ee wëllt betreutes Wohnen maachen. Mä ob een doriwwer eraus zousätzlech muss légiféréieren, dat - mengen ech - ass eppes, wou ee méi laang muss driwwer diskutéieren, wéi mer dat hei an zéng Minutte kënne maachen, fir sech wierklech och deenen Avantagen an deenen Désavantages, déi och eng lwwerreglementéierung ka beinhalten, bewosst ze ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier, ech denken, datt et wichteg ass, datt een eng Partie esou Haiser zur Verfügung huet, datt een, wéi gesot, wa méiglech dat och fäerdeg kritt a Wunnnquartieren. Dat ass jo wierklech fir mech eppes, wat ideal wier, wann och nach jonk Leit do derbäi wieren. Dat wier och géint d'Isolation.

Et gëtt Projeten an Däitschland, wou se mat jonke Famillje kucken, datt déi no deenen eelere Leit kucken, an datt déi eeler Leit, deemno wéi gutt datt se sinn, och heiansdo no deene Kanner hëllefen do kucken. Also, dat wier jo eppes, wat mer fréier am Selbstverständlechen haben a jo elo amgaange sinn ze kucken, datt mer do elo esou künstlech Saachen do emol probéieren, erëm an d'Welt ze bréngen, fir d'Leit beieneenzekréien. Mä wéi wäit datt een dat awer kann organiséieren, ass méi schwierig.

Ech wëll vläicht just soen, well dat jo awer ëmmer eppes ass och, wat d'Leit interesséiert: Mir hunn de Moment zwielf Haiser, déi fonctionnéieren als betreitert Wunne mat am Ganze 583 Leit, déi do dra sinn. Et si 15 Haiser, déi amgaange si geplängt ze ginn, déi de Statut konnte kréien, also déi entweder wëllen och am Statut vum Logement encadré sinn, an ongeféier och nach zéng, déi wëlle bauen ouni awer de Statut vum Logement encadré. Dat heescht, déi da soen, et ass e Logement, wat accessibel ass a wat all deene Konditioneuren entsprécht.

A wéi gesot, doriwwer eraus, ech si fir all Diskussiounen ze hunn, fir ze soen: Wéi solle mer et besser maachen? Mä ech mengen, datt ee muss wachsam sinn, wann een ze vill wäit geet an der Organisation an an dem Definéieren, datt ee sech dann eng ganz Partie vu Méiglechkeeten ewechhëlt, déi een huet, wann een dat net mécht.

A wéi gesot, d'Gemengen, déi selwer esou Haiser bauen - an do sinn der eng ganz Partie dovun, wou eben an der Gemengeregie gefouert ginn -, datt déi och Kritäre festleeën, fir eben ze soen: Wie kënnt doran? Wéi vill Akommes, a wéi vill froe mer als Loyer och?

Am Regelfall, muss ee soen, ass dat am Fong net de Punkt, datt et de Leit ze deier ass, mä et ass éischter déi Hemmschwell fir een, deen aus engem Haus kënnt, wat säint ass, fir an eppes ze goen, wat en nëmme méi ka lounen, sou datt en dann op där anerer Säit léiwer bei e Privatpromoteur geet, wou en et selbstverständlech ka kafen. Wat awer dann natierlech herno och net ëmmer einfach ass, wann da bis déi Persoun net méi do ass, datt dat dann awer als e betreit Logement bleift. An dat muss et jo, well soss herno geet dat jo ënnert dem Stréch ni méi eraus mat deem, wat bezuelt gëtt. Wann Der dann nëmme méi nach Leit do hutt, déi op eemol keng Fleg méi brauchen, jo, da sinn natierlech déi Servicer iwwerflësseg.

Duerfir, wéi gesot, et ass alles e bësselche méi komplizéiert, wéi een dat an esou enger kuerzer Zäit hei ka mateneen diskutéieren. Mä ech si gäre bereet, och eng Kéier an d'Kommissioun ze kommen, wou mer méi Zäit hunn, fir nach eng Kéier méi laang doriwwer ze schwätzen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci. Den Här Bauler huet d'Méiglechkeet, nach eng Zousazfro ze stellen un d'Madame Familljeministesch. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Neen, ech wollt am Fong geholl nëmme just soen, wann ech d'Madame Minister richteg interpretéiert hunn, da ginn ech dovunner aus, datt si awer och am Discours, dee se elo hei hat, fir eng Labellisierung plädéiert beziungsweis fir eng Prezisioun vun de Kritären, déi an deem aktuelle Reglement sinn, fir eben och deem doten Usproch méi no ze kommen. Wuel wëssend och, dass d'Besoine vun haut eben net d'Besoine vun iwwermuer sinn, datt déi nach an Evolutioun sinn.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Also, ech muss éierlech soen, datt ech mer net, wéi ech lech de Mëtteg héieren hat um Radio, d'Fro gestallt hu vun de Labelen, déi mer sollen ausdeelen. Et ass awer eng Diskussioun, déi ewell jorelaang gefouert gëtt an déi viru ganz laange Joren de Conseil supérieur des personnes âgées sech eng Kéier virgeholl hat. An déi woren net op e grëngen Zweig komm domadder, well se sech och net eens goufen, wat dann elo alles misst sinn, fir datt de Label drop géif kommen oder net drop géif kommen.

Mä ech mengen, datt ee wierklech muss och virun allem d'Leit besser informéieren, fir ze soen: „Passt op, wann Der lech elo an deem oder deem Haus akaaft, wat hutt Der da wierklech zegutt?“ An duerfir, wéi gesot, fannen ech, datt et wichteg ass, och fir heiriwwer ze schwätzen, datt ee wierklech seet: „Passt op, wat Der maacht, net datt bei engem Haus op der däitscher Grenz, wat kaf ginn ass an exploitéiert sollt ginn, festgestallt gëtt, datt awer eng ganz Partie Saachen net dem Reglement an net dem Agrément entsprechen, an dann also herno muss nogerüst ginn.“ An da seet deen, deen et gebaut huet: „Poh, ech hunn näischt domadder méi ze dinn. Dir hutt dat esou kauft, wéi et hei virgesinn ass, point - à la ligne.“

Elo woren dat nach Leit, déi gewinnt woren, d'Exploitation vun Haiser ze maachen an d'Servicer. Wann awer elo ee Privaten, deen elo mengt, dat do wier elo eppes, woumadder e sai Liewe kéint verdéngen, op esou ee Wee geet, dann ass et kloer, datt e sech séier do an eppes engagéiert, wou en herno senge Sue lass ass an awer net déi Servicer an emol net déi - wéi soll ech dat soen? -, och net déi architektonesch Gegebenheete fënnt, déi een eigentlech bräicht, fir och nach kënnen do ze existéieren, wann een eben net méi mobil ass.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Familljeministesch. Domadder hätte mer dese Punkt ofgeschlossen. Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, nämlech enger Motioun vun Här Félix Braz iwwert de Projet de loi 6261 iwwert d'Coopération au développement. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Nancy Arendt, den Här Negri, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. Här Braz, Dir hutt elo d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

### 3. Motion de M. Félix Braz relative au projet de loi n°6261 modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement

**Exposé**

► **M. Félix Braz (déi gréng), auteur.** - Merci, Här President. Et ass eng Motioun, déi mer déposiert hunn am Mee, kuerz nodeem de Projet de loi vun der Regierung déposiert ginn ass; dat war am März, den 9. März. Mir hunn och an der zoustänneger Kommissioun de 17. März eng éischte Kéier iwwert dee Projet geschwat.

Et ass e Projet de loi, deen eist Kooperationsgesetz aus dem Joer 1996 soll ofänneren. Dat Gesetz huet also elo mëttlerweil 15 Joer um Bockel, an et sinn am Laf vun de Joren eng Rei Bedierfnisse entstanden, fir Verbesserungen ze maachen. Et gëtt och eng Proposition de loi vun der Madame Err a vum Här Angel, déi an déi dote Richtung gaangen ass, och wa se mat deels aneren Akzenter a Schwéierpunkte wéi de Regierungstext geschafft huet.

Mir hunn, nodeems mer deen Text eng éischte Kéier presentéiert kritt hu vun der Ministesch an och diskutéiert hunn an der Kommissioun, gemengt, dass et gutt wär, wann een deen Text och nach eng Kéier méi mat de concer-

néierten Acteure géif diskutéieren, well mer d'Gefill haben - dat ass eis och bestätegt ginn -, dass am Virfeld vum Dépôt vläicht net genuch do diskutéiert ginn ass.

Bon, ech weess och aus eegener Erfahrung, dass een dat als Virwurf net gären héiert, well ee jo awer mengt, et hätt ee genuch diskutéiert an et kéint ee jo ëmmer méi diskutéieren, dat wär jo ëmmer richtig. N'empêche, ënnert dem Stréch mengen ech, dass awer nach e gewëssenen Diskussionsbedarf och bei den Acteure vum Terrain besteet.

Mir hu mat dëser Motioun de Virschlag wëlle maachen, dass mer deen Text net nach séier géife virum Summer stëmmen, well an eisen Aen och dofir kee Besoin wär. Bon, deen Tiret, dat war eng „self-fulfilling prophecy“, deen ass an Erfülleng gaangen, dass den Text ees wéi ees eréischt am Hierscht wäert kënne gestëmmt ginn, wat och kee Problem duerstellt a wat eis och dann d'Méiglechkeet gëtt - an dat ass den Inhalt an de Virschlag vun eiser Motioun -, och op den „Assises de la coopération“ iwwert den Text selwer eng Debatt ze erméiglechen.

Déi „Assises de la coopération“ sinn eng Veranstaltung, déi an eisen Ae vill Sënn mécht, déi och an de leschte Joren, wéi ech fannen als een, deen all Joers och derbäi ass, wierklech produktiv Debatten erlaabt a méiglech mécht. Mir mengen, dass et net falsch wär, wann d'Regierung bei der Planung vun den Assises fir dëst Joer einfach dëst Gesetz, wat nach an der Diskussioun ass, och do géif op den Ordre du jour huelen, eng Diskussioun erlaben en public mat den Acteuren, fir vläicht och do nach eng Kéier e puer nei Impulser matzekréie fir d'Aarbecht vun der Regierung respektiv fir d'Aarbecht vum Parlament. Dat ass de Virschlag.

Et ass keng „motion de défiance“ vis-à-vis vun der Ministesch oder keng Rüg fir d'Ministesch. Esou ass dat net ze verstoen. Et ass e Virschlag, fir en Text, deen an der Diskussioun ass, duerch eng weider Diskussioun op enger Plattform, déi mer kennen, déi gutt funktionéiert, enger Diskussioun ze ënnerzéien an hoffentlech dann am Hierscht eis Debatte kënne weiderzeféieren, mat engem Input, deen eis Aarbecht ka beräicheren.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz als Auteur vun der Motioun. Als éischt Riednerin ass d'Madame Nancy Arendt agedroen. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här President, ech soen dem Här Braz Merci fir seng Interventioun. Ech wollt just soen, datt am Numm vun der CSV mir déi Motioun leider net kënne matdroen, well déi Kompetenz jo, wat den Ordre du jour ubelaangt vun den Assisen, net bei der Chamber läit, mä bei der Regierung läit. D'Regierung huet deen Ordre du jour schonn zënter Laangem festgeluecht, an et ass ganz schwierig, deen elo ze änneren.

Nichtsdestotrotz hunn awer selbstverständlech de Cercle des ONG oder d'ONGen d'Méiglechkeet, op den Assisen d'Wuert ze ergräfen a sech do natierlech an de Gesetzestext mat anzubringen. A mir hoffen och, datt dat gemaach gëtt. A selbstverständlech denken ech och, datt dat an deene spéideren Diskussiounen am Hierscht, wann d'Gesetz dann debattéiert gëtt an der Chamberskommissioun, datt mer dat zur Kenntnis huelen a wahrscheinlech och déi eng oder déi aner Saach mat aflësse wäerte loossen an de Rapport.

Ech mengen, et ass e ganz wichtegt Gesetz a mir sollten hei näischt iwwert de Knéi brieren. Mir sollen eis hei net hetzen. A mir sollen am Oktober alleguer zesummekommen. Mir sti selbstverständlech och zur Verfügung, sämtlech ONGen och an de Fraktiounen, déi wëllen, zu Wuert kommen ze loossen, fir déi ze recevieren an hiren Afloss do mat eranzehuelen an dat zukünftegt Gesetz.

Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Arendt. Als nächste Riedner hunn ech den Här Bettel agedroen.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Ech muss lech soen, dass ech den Argumentaire vun der Madame Arendt elo konzentréiert nogelauschtert hunn...

(Interruptions et hilarité)

...an dass ech awer net zur selwechter Konklusioun kommen. Ech mengen, dës Regierung hat gesot, si wier fir Dialog, fir Transparenz. Ech





mengen, et soll een elo net all... Dat wor vläicht eng Publicité mensongère.

**(Brouhaha)**

Ech ka just soen, Här President, dass mer bei den Assises vun der Association (veuillez lire: Coopération) wëllen eng wichteg Table ronde hu mat den Acteurs vun der Kooperatioun an dass et wierklech soll déi Plaz sinn, wou een och e Bilan mécht a kuckt, wat lass ass a wéi d'Zukunft och soll ausgesinn.

Dësen Text ass jo, esou wéi d'Ministesch et och presentéiert huet, awer e wichtigen Text am Kader vun der Kooperatioun. A mir fannen, dass et awer net inopportun wier, fir am Kader vun den Assisen dann en Atelier bäizefügen; du point de vue Kommunikatioun kann een dat nach maachen. Ech mengen, wann een iwwert d'Press et ukënnegt, dass dann och déi Leit, déi do wëllen deelhueven an déi d'Madame Ministesch doudséchler vläicht awer aluet..., an d'Deputéiert si jo och invitéiert, déi da kënne mat den ONGen do zesummekommen.

Ech fannen, de Prinzip ze hunn, dass een d'Leit soll an de Fraktiounen all eenzel empfänken, net dee richtegen. Ech mengen, et ass scho wichteg, dass een op der Place publique verschidde Saache kann diskutéiere mat de concernéierte Leit all zesummen.

D'ONGen hunn och jo verschidde Meenungen. De Virdeel vun den Assises vun der Association (veuillez lire: Coopération) ass jo, dass et och méi generell ass an dass et och net nëmme Leit sinn, déi an den ONGen do sinn, mä déi och aktiv Bénévolé sinn duerch aner Manéieren an deem Beräich. Dofir géife mir awer déi Motioun... Wann d'Ministesch eis géif soen, dass si en Atelier géif maachen am Kader vun deenen Assisen, kéinte mir domadder liewen. Da misst een dës Motioun net stëmmen.

Mä wa mer gesot kréien, dass et wéinst organisatoresche Grënn, well d'Invitatiounen schonn eraus sinn a well dat net dropsteet, net méiglech ass, géife mer dat net korrekt fannen. En einfache Communiqué de presse, eng einfach Ajoute ka gemaach ginn. An ech fannen et trotz der Formulariséierung, well d'Invitatiounen schonn eraus sinn an den Ordre du jour festgeleucht ginn ass, e bësse formalistesches.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Elo kritt d'Wuert den Här Marc Angel.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, just fir op eng Remarque vum Här Bettel ze äntweren, dass d'Regierung net do fir Dialog wär, do muss ech him widersprieche. Sait Joren, seit et d'Assisé gëtt, ass ëmmer een hallwen Dag op fir de Cercle des ONG, wou si selwer kënne decidéieren, wat se gären op den Ordre du jour hätten. Ech hunn d'Gefill, wéi den Här Braz dës Motioun geschriwwen huet, dat war am Mee, hien hat eng Befierchtung, hei géif dat Gesetz elo séier derduerchgoen.

En huet Recht, wann e seet, dass Diskussiounsbedarf ass. Mä dee Projet de loi an och d'Proposition de loi Err/Angel, déi wäerten hire Wee maachen hei am Parlament. De President Fayot vun der aussepolitichescher Kommissioun luet all Joers de Cercle des ONG och an d'Kommissioun an.

sioun an. An ech mengen, all Partei ass och nach wellkomm, eng Table ronde ze organiséieren, fir deen dote Projet ze diskutéieren. Och de Cercle des ONG selwer kann dat maachen.

Dat schéngt jo dem Cercle des ONG ganz um Häerz ze leien, dat Gesetz hei, well si hunn en exzellenten Avis dozou geschriwwen a si hunn och schonn den Tour bei all de Fraktiounen gemaach. A si hu jo d'Fräiheet, e ganzen hallwen Dag op deenen Assisen ze gestalten, sou dass ech hoffen, dass si dat op den Ordre du jour setze wäerten op hirem Dag, dee si kënne gestalten.

Dat gesot, hoffen ech, dass mer dëst Joer zu méi Deputéierten op deenen Assisé si wéi déi Jore virdrun. Ech freeë mech schonn, all déi Kollegen, déi heibanne sech zu deem Thema interesséieren, am September op den Assisen erëmzegesinn.

Merci!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, villmools Merci. Ech mengen, mir als ADR, mir hu jo schonn dacks gesot, dass mir eis géife wënschen, dass d'Regierung d'Chamber an engem méi grouse Mooss respektéiert, a mir si selbstverständlech der Iwwerzeugung, dass d'Institutiounen vum Stat sech solle géigesäitig respektéieren.

Hei ass e Seminar, deen ënnert der Verantwortung vun der Regierung organiséiert gëtt, fir verschidde Sujeten ze diskutéieren, déi d'Regierung deen Abléck opportun fënnt. D'ONGen hunn en Afloss op den Ordre du jour, wéi et elo och nach eng kéier gesot ginn ass.

Mir gesinn net an, firwat d'Chamber an esou enger Configuratioun soll der Regierung Rot-schlei ginn iwwert den Ordre du jour! Mir si saisiert mat deem Projet de loi hei als Chamber, mir kënne an där Kommissioun, déi zoustänneg ass, déi Aarbecht esou organiséieren, wéi mir et hei an der Chamber fir gutt fannen. Am Respekt vun den Institutiounen kënne mer d'Madame Minister invitéieren, fir eis Ried an Äntwert ze stoen iwwert déi Kommentaren, déi mir als Deputéiert wëlle maachen.

Mä ech mengen, et ass wichteg, dass mer hei wierklech déi jeeweileg Kompetenzen ausneihen an net op dee Wee ginn, deen déi gréng eis hei proposéieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Jo, ech ënnerstëtze par contre déi Motioun. Mir wësse jo, et ass och elo scho gesot ginn, dass eng Rei vun ONGen, déi bedeelegt sinn an der Entwécklungsproblematik, eng ganz Rei vu Kritiken a vu konkrete Propositionen hu par rapport zu deem Projet de loi.

Ech mengen, onofhängeg vun eise legislative Prozeduren hei an der Chamber respektiv an de

Kommissiounen wär et e schéint Beispill vu participativer Demokratie, vun där jo awer och emol esou oft dorëmmer geschwat gëtt, fir dass d'Regierung zesumme mat den ONGen nach eng kéier iwwert dee Projet de loi do diskutéiert an deene Propositionen, déi do gemaach ginn, probéiert Rechnung ze droen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert d'Madame Minister, zoustänneg fir d'Kooperatioun.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Braz soen, wann e mengt, mat deene Leit wier net geschwat ginn: A sechs Réuniounen...

► **Une voix.**- Aaaaaa!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- ...ass mam Cercle des ONG iwwert de Gesetzesprojet diskutéiert ginn. Ech hunn awer elo de Mëtteg d'Datumen net matbruecht, mä ech bréngen lech déi mat an d'Kommissioun, well ech denken, dass déi Aarbecht dohinner gehéiert. Duerfir ass net grad alles esou schwaarz an esou wäiss, wéi dat heiansdo gemaach gëtt.

Duerfir, mengen ech, wier et gutt, wa mer wierklech géifen och déi Debatten, déi elo virgesi sinn an den Assisen... Do muss ech, net, well dat elo Formalismus ass, mir hunn zwee Deeg, déi mer Zäit hunn a wou ënner anerem d'Madame Sheeran kënnt. Dat ass d'Presidentin vum Plan alimentaire (veuillez lire: Programme alimentaire) vun der UNO, déi ech dëser Deeg zu Roum begéint hunn an déi gesot huet, si géif och gären an d'Chamber kommen, wann dat de Wonsch wier. Duerfir froen ech de President vun der Kommissioun, wann deen do eng Utilitéit derfir gesäit, dass mer déi Fra, déi wierklech eppes ze soen huet, och kënne dohinnerkomme loossen, dass déi der Chamber och ka soen, wéi si hir Aarbecht mécht.

Da kënnt den Direkter, deen neien Direkter vum CAD, dat ass de Président du Comité vun der Aide au Développement, de Brian Atwood. Dat sinn natierlech Leit, déi hu mer misse froen am Ufank vum Joer. Do kanns de net waarde bis de Mee oder de Juli, wann ee gären am September hätt, dass déi Leit kommen. Do muss ee laang am Virus kucken, dass déi Datumer mat deenen ofgemaach ginn.

Dat ass elo net, fir hei Formalismus ze maachen outre mesure, mä wéi gesot, Dir hat nach dee leschten Direkter och gesinn, den Här Deutscher, deen och bei lech an d'Kommissioun komm wor. Ech hunn elo net den Här Atwood gefrot, mä wann dat de Wonsch ass - iwwergens ee Mann, dee Lëtzebuerg gutt kennt, well en als Jugendlechen an engem Jugendprogramm hei zu Lëtzebuerg wor an zu Rëmeleng nach haut Relatiounen huet, also nach ëmmer a regelméisseg op Lëtzebuerg kënnt -, kënne mer also dee Mann gären eng kéier an d'Kommissioun ruffen, wann dat de Wonsch ass.

Dann ass et esou - wéi d'Madame Arendt gesot huet - dass jo een Nomëtteg, an dat ass freides nomëttes vun zwou bis fënnf, reservéiert ass fir d'ONGen, wou d'ONGen de Programm maachen, net d'Regierung de Programm mécht. Ech gi jo dovun aus, wann dat fir d'ONGen esou e wichtegt Thema ass, dass se

dat dann och selwer eraussichen, fir eben dorüwer ze diskutéieren.

Wa se dat net maachen, dann ass dat natierlech... Ech schreiwen hinnen dat net vir, well ech och éischter e bësselechen denken, dass jiddwereen déi Aufgabe soll maachen, déi seng sinn. Duerfir, wann dat den ONGen hir Prioritéit ass, si mer selbstverständlech gäre bereet, fir doriwwer ze diskutéieren. Wa se awer en anert Thema auswielen, dann ass et eben dat anert Thema.

Duerfir also gesinn ech an dësem Moment net d'Utilitéit, dass mer elo, mir als Regierung, dat alles mussen do änneren. Mä, wéi gesot, et ass wierklech eng Fënster do, wou dat ka mat den ONGen diskutéiert ginn. An dat ass dann eben hinnen iwwerlooss, ob dat fir si dat Wichtigst ass oder eben eppes anescht.

Voilà. Merci, Här President. Duerfir mengen ech, bräichte mer déi Motioun do net ze stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci der zoustänneger Ministesch. Domadder ass dës Punkt ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motioun.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 43 Nee-Stëmmen, géint 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Raymond Weydert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.


**(Fin de la séance publique à 16.44 heures)**

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.

- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.

- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu